

derne Centre des Technologies de l'Infor-  
mation, an duerfir wëll ech och den Accord  
vun der DP-Fraktioun zu dësem Gesetz  
ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

»»» **Une voix.**- Très bien!

»»» **M. le Président.**- Ech soen lech  
Merci, Här Etgen. Dann ass et um honora-  
belen Här Schreiner.

»»» **M. Roland Schreiner (LSAP).**- Här  
Präsident, Dir Häre Ministeren, Dir Dammen  
an Dir Hären, fir d'alleréischten emol wëll ech  
och dem Rapporteur, dem honorabele Paul-  
Henri Meyers, Merci soe fir säin ausféier-  
leche schrëftlechen a mëndleche Rapport,  
dee selbstverständlech och d'Zoustëm-  
mung vun der LSAP-Fraktioun wäert fannen.

De Rapporteur an och mäi Virriedner hu  
praktesch alles zu dësem Projet de loi ge-  
sot, esou dass deem eigentlech net méi vill  
bäizefügen ass. Ech wëll awer just ervirhie-  
wen, dass och fir d'LSAP dat hei e ganz  
wichtegt Gesetz ass, mat deem mer eis och  
beim Stat den zukünftegen Erausfuerde-  
runge vun der informatescher Evolutioun  
upassen an deementspriedend opstellen,  
dat heescht, eis och d'Strukturen an  
d'Moyenë ginn, fir dat ze assuréieren.

Mir wëssen alleguer, dass haut den dag-  
deegleche Gebrauch vun informatesche  
Servicer an dem Internet elementar ass, fir  
de gréissten Deel vun eisen Aarbechte  
schnell an effikass ze erleedegen, woubäi  
ech d'Betounung op „schnell“ wëll leeën.  
An enger Gesellschaft, wou et ëmmer méi  
wichtig gëtt, grouss Quantitéite vun Infor-  
mationnen ze beaarbechten, weiderzeginn  
an ze dokumentéieren, ass d'Fiabilitéit an  
eng praktesch, eng effikass Struktur vun ei-  
sen informatesche Systemer vu gréisster  
Bedeutung.

Et ass scho vum Rapporteu gesot ginn: Viru  
35 Joer, den 29. Mäerz 1974, ass d'Gesetz  
gestëmmt ginn, wat deem éischte Centre in-  
formatique de l'État an d'Liewe geruff huet.  
Dëse gouf also an enger Zäit gegrënnt, wou  
d'Informatik sech ausschliesslech op  
d'Gestioun vun Daten an d'automatesch Be-  
handlung vu schwieregen an éischter ré pé-  
titive Prozesser limitéiert huet. Haut sinn dës  
Tâchë längst iwwerliefert. Ech brauch net ze  
betounen, dass viséiert Beräicher vun In-  
ternet an deenen neie Kommunika-  
tionsmëttel sech an deem leschte Jor-  
zéngt entwéckelt, multiplizéiert a verbreet  
hunn.

D'Informatik ass en net méi ewechzeden-  
kende Bestanddeel vun eiser Aarbecht an  
och vum Fonctionnement vun Stat ginn. An  
dat gëtt an der Zukunft och net manner, mä  
eis ganz administrativ Ugeleeënheeten hän-  
ken ëmmer méi vun engem kompetenten a  
sécheren informatesche System of.

Duerfir begrësse mir och vollstens dëse  
Projet de loi, deem eng komplett Reform  
vum Gesetz vun 1974 virgesäit, fir sech  
endlech den Ufuerderunge vun engem glo-  
baliséierte Marché unzupassen an dobäi  
beschtméiglech de staatlechen Administra-  
tionen ze dengen.

D'Fusioun vum heitege Centre informatique  
de l'État an dem Service „eLuxembourg“  
ass eigentlech e logesche Schratt, deem et  
erméiglecht, dass an Zukunft d'Planifika-  
tion an d'Konzeptioun vun der Mise en  
place vun den Informatiounstechnologien  
an déi praktesch Ëmsetzung dovun inner-  
halb enger Struktur, dem neie Centre des  
Technologies de l'Information de l'État kë-  
nen ausgefouert ginn, an dat ënnert der Au-  
toritéit vum responsabele Minister fir d'Infor-  
matik beim Stat.

Et ass schonn dorop higewise ginn, dass  
d'Informatik sech an der heiteger Zäit  
duerch eng rasant technologesch Entwéck-  
lung auszeechent. Dës Evolutioun verlaangt  
wichtig an héich Investissementer an och  
nei Aarbechtsprozesser, an de Privatsec-  
teur, fir deem Informatik och e wichtegt stra-  
tegescht Element ass, huet et eigentlech vir-  
gemaach, well en e Maximum vu sengen in-  
formatesche Ressourcen an héich sécuri-  
séierten Zentre regroupéiert. A wat fir d'Pri-  
vatwirtschaft richteg ass, kann an dësem  
Fall fir de Stat net falsch sinn.

Et sinn also net nëmmen technesch an tech-  
nologesch Argumenter, déi à la base vun

MM. Claude Adam, François Bausch (par  
M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean  
Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves  
Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert  
Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote  
constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Nächste Punkt vun eisem Ordre du jour ass  
de Projet de loi iwwert d'Création du Centre  
des Technologies de l'Information de l'État.  
Den honorabelen Här Meyers ass Rapport-  
teur an huet duerfir elo d'Wuert.

## 10. 5912 - Projet de loi portant création du Centre des Technologies de l'Information de l'État

*Rapport de la Commission de la Fonc-  
tion publique et de la Réforme adminis-  
trative*

»»» **M. Paul-Henri Meyers (CSV), rap-  
porteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir  
Hären, de Gesetzesprojet, deem d'Schafung  
vum Centre des Technologies de l'Informa-  
tion de l'État virgesäit, ersetzt d'Gesetz vum  
29. Mäerz 1974 iwwert de Centre informa-  
tique de l'État. Zënter 1974 ass am Beräich  
vun der Informatik villen geschitt. D'Gesetz  
vun 1974 dréit där Entwécklung net méi  
genügend Rechnung.

Am Regierungstext, deem de 5. September  
2008 an der Chamber deponéiert gouf, ass  
d'Entwécklung, déi d'Informatik zënter  
1974, dat heescht a méi wéi 30 Joer ge-  
maach huet, ausféierlech beschriwwen.  
Och een deem näischt vun Informatik ver-  
steet muss zouginn, dass d'Informations-  
systemer an deene leschten 30 Joer sech  
esou geännert hunn, dass een am Joer  
2009 dee Beräich mat juristeschen Normen  
aus dem Joer 1974 net méi regele kann.

Dat neit Gesetz, dat mer haut diskutéieren  
a stëmme wëllen, soll deenen neien, heitegen  
Erausfuerderunge Rechnung droen. Am  
Verglach zum Gesetz vun 1974 kann een  
déi nei Akzenter am Projet 5912 eigentlech  
an dräi Punkten zesummefaassen.

Fir d'éischt emol ginn d'Attributiounen an  
d'Missiounen vun dem Centre des Techno-  
logies de l'Information de l'État nei definéiert  
a prezisiéiert. De Service „eLuxembourg“,  
dee sech an deene leschte Joren onofhän-  
geg entwéckelt huet, gëtt an de legale Ka-  
der vum Centre mat erageholl.

Am Verglach zum Gesetz vun 1974 ass de  
Centre awer net méi zoustänneg fir d'Éta-  
blissements publics a fir d'Gemengen.  
D'Établissements publics, d'Post, d'Spuer-  
keess, d'Établissementer vun der Sécurité  
sociale, fir der e puer ze nennen, hu sech  
an deene leschte Joren hir eegen Informa-  
tionssystemer ginn. Datselwecht gëllt fir  
d'Gemengen, déi an engem Syndicat de  
communes, dem SIGI, iwwer en eegene  
performanten Zenter verfügen.

Allerdéngs erlaabt den Artikel 3 dem Centre  
des Technologies de l'Information de l'État  
mat allen öffentlichen a privaten Instanzen  
zesummenzeschaffen, wann dat noutwen-  
deg ass, dat heescht och mat den Établis-  
sements publics a mat de Gemengen.

An engem zweeten Deel vum Projet ginn am  
Intérêt vum Centre d'Décisiouns- an d'Orga-  
nisationsstrukture geännert an nei gescha-  
fen. Zoustänneg fir de Centre ass de Minis-  
ter vun der Fonction publique oder, wéi  
d'Gesetz seet, dee Minister, deem am Infor-  
matiksberäich zoustänneg gëtt no der Op-  
deelung vun de Ressorten an der Regie-  
rung. Hie muss all Projeten autoriséieren,  
am Zesummenhang mat der Astellung, mat  
der Formation an der Promotioun vum Per-  
sonal. Hie gëtt och seng Zoustëmmung fir  
d'Uschafe vun Équipementen an deem  
Beräich an hie muss seng Zoustëmmung  
ginn zu de Kreditter, déi an deenen een-  
zelne Budgetssektiounen oder Kapitele vir-  
gesi ginn.

Iwwert dem Minister ass de Regierungsrot  
zoustänneg, fir bei Streidegkeeten, déi am  
Zesummenhang mat der Schafung vun ee-  
gestännegen Informationscentren entstinn,  
dat lescht Wuert ze behalen. Et ass och dee  
Moment de Regierungsrot, deem, wann  
eegen Informatiounssystemer vun eenzelne  
Verwaltungen ugeschaaft ginn, dozou säin  
Accord muss ginn, op Virschlo vun dem  
zoustännege Minister.

All Verwaltunge musse mat deem neie  
Centre zesummeschaffen. De Centre kann

och eenzel Beamten a Verwaltunge placéie-  
ren, am Intérêt vun der Realisatioun vun den  
informatesche Projeten, déi déi Verwaltunge  
wëlle realiséieren. Et gëtt dann, fir déi Ze-  
summenaarbecht besser ze organiséieren,  
ee Comité interministériel geschafen, deem  
ënner anerem déi allgemeng Linne festleeë  
soll, wéi tëschent de Verwaltungen an dem  
Centre geschafft gëtt, an deem d'Regierung  
och am Beräich vun der Informatik berode  
soll.

Eng lescht Neierung betrëfft d'Verwaltung  
vum Centre, déi ausgebaut gëtt, fir hir Mis-  
sionne besser ze erfëllen. Ech ernimmen hei  
d'Schafung vun zwee Poste vun Directeurs  
adjoints, d'Schafung och vun deem admini-  
strative Kader iwwert deem de Centre bis  
elo net verfügt huet. Et ginn also d'Carrière  
vum Redakter, vum Handwierker a vum Ex-  
péditionnaire administratif och an där Ver-  
waltung virgesinn an erméiglecht.

Ee lescht Wuert nach, fir ofzeschlëssen, iw-  
wert den Artikel 13, dee virgesäit, dass dee  
jëtzege Direkter, deem de Wonsch ausge-  
dréckt huet fir kuerzfristeg a Pensioun ze  
goen, no dem Akraafttriede vum Gesetz als  
Conseiller an de Ministère ka genannt ginn.  
Hie behält domat all déi Avantagen, déi en  
elo als Direkter huet. Doduerch kann een  
neien Direkter genannt ginn, deem dann och  
am Intérêt vum Centre, an opgrond vun  
deem neien Text, dee mer haut wäerte  
stëmmen, dee Centre nom Akraafttriede  
vum Gesetz kann opbauen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,  
d'Kommissioun vun der Fonction publique  
huet sech ausféierlech mat den Avisa vun  
der Berufschamber a vum Conseil d'État  
auserneegesat. D'Kommissioun huet och all  
d'Amendementer vum Statsrot iwwerholl.  
Ech kann duerfir d'Chamber bieten de Pro-  
jet an där Form ze stëmmen, déi d'Kommis-  
sioun eestëmmeg virgeschloen huet, an ech  
bréngen och den Accord vun der CSV.

»»» **Plusieurs voix.**- Très bien!

»»» **M. le Président.**- Merci, Här Meyers.  
D'Wuert huet dann den honorabelen Här Et-  
gen.

*Discussion générale*

»»» **M. Fernand Etgen (DP).**- Här Presi-  
dent, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem  
Gesetz schafe mer eng nei Struktur, an déi  
mer de Centre informatique de l'État an  
d'Cellule „eLuxembourg“, déi bis elo direkt  
bei der Regierung ugesiedelt war, zesumme  
fusionéieren. De Rapporteur Paul-Henri  
Meyers, deem ech ausdrécklech fir säi pre-  
zisen a kloer formuléierte schrëftleche wéi  
och mëndleche Rapport wëll félicitéieren,  
huet d'Beweggrënn vun der Regierung, fir  
op dee proposéierte Wee ze goen, duerge-  
luecht.

Et geet haauptsächlech drëm dem Centre in-  
formatique de l'État déi Strukturen an déi  
Moyenen ze ginn, déi dat informatescht Ge-  
hir vum Lëtzebuurger Stat 35 Joer no sen-  
ger Gebuert brauch, fir den Erausfuerderun-  
gen, déi de rasanten technologesche Fort-  
schrëtt an deene leschte Jore mat sech  
bruecht huet, gerecht ze ginn.

An den Ae vun der DP geet et awer prioritär  
drëm Lëtzebuerg a seng Administratioune  
besser op d'Méiglechkeete vun de moder-  
nen Informatiouns- a Kommunikatiounstech-  
nologien ze préparéieren. An den Ae vun  
der Demokratescher Partei geet et awer och  
drëm ee kohärente Kader ze schafen, fir  
den elektronischen Deel vun der staatle-  
cher Verwaltung besser ze koordinéieren a  
seng Entwécklung konsequent virunzedrei-  
wen.

Bis elo hat de Centre informatique de l'État  
éischter eng defensiv Roll an huet probéiert  
op Demande deenen eenzelne Verwaltun-  
gen zur Säit ze stoen. Esou huet hien haupt-  
sächlech eng zentral Gestioun vun hiren  
Donnéeën ugebuede respektiv fir si kom-  
plex a répétitiv Aarbechtsoufleef automati-  
séiert.

Här President, wann een et eescht mengt  
mat enger Réforme administrative, ass et  
onerlässlech dem staatlechen Informatik-  
zentrum déi Strukturen, organisationeller a  
personeller Natur ze ginn, déi et him erla-  
ben esou eng Reform mat Inhalter ze fëllen.  
De Wëllen, fir eng administrativ Reform an  
d'Weeër ze leeden, war wuel do bei dëser  
Koalitioun. Esou heescht et dann och an der  
Regierungserklärung vun 2004: «Il (le Gou-  
vernement) hâtera les travaux mis en œuvre  
en ce qui concerne l'informatisation des  
services publics et l'administration électro-  
nique.»

Et huet awer bal fënnef Joer gedauert, bis  
de virleiende Projet d'Chamber ka passéie-  
ren. Iwwerhaupt ass Lëtzebuerg am eu-  
ropäesche Vergläich alles aneschtens wéi  
ee Musterschüler, wann et ëm den Asaz vu  
modernen Informatiounstechnologien an

der staatlecher Verwaltung geet, och wann  
an deene leschte Méint, mat der Aféierung  
vun der elektronescher Ënnerschrëft, no jo-  
relaanger Planung endlech e Fortschrëtt fir  
den Administré konnt vum zoustännege Mi-  
nister verkënnegt ginn. Fazit, wat der Regie-  
rung hir Beméiungen an dësem Beräich  
ugeet: „Der Geist war willig, das Fleisch  
aber schwach.“

Här President, als een, dee vill Zäit - ronn 30  
Joer - an enger staatlecher Verwaltung ge-  
schafft huet, soen ech, datt déi gréissten  
Erausfuerderung, déi un de Service public  
gestallt gëtt, d'Veereinfachung vum dagdee-  
gleche Liewen ass. Den öffentlichen  
Déngscht muss, virun allen aneren Ufuerde-  
rungen, ee Partner vun de Bierger an de Be-  
tribler sinn. Schnellegkeet, Flexibilitéit, Effi-  
zienz a Qualitéit sinn haut méi wéi jee gefrot.

Fir awer all dës Ziler kënnen ze erreechen,  
brauche mer eng Verwaltung mat enger  
staarker elektronescher Komponent. All ad-  
ministrativ Dokumenter mussen net nëmme  
kënnen erfolgeluede ginn, mä si mussen och  
elektronesch ausgefëllt a verschéckt këne  
ginn. Mä dëst ass eiser Meenung no nëm-  
men een éischten, onerlässleche Schrëtt.

Eleng domadder geet et awer net duer. Den  
Administré, egal ob Privatpersoun oder Be-  
trib, muss kënnen zu all Moment novoll-  
zéien, wou säin Dossier drun ass an a wéi  
engem Deel vun der Verwaltung grad drop  
geschafft gëtt. Deen neie Centre des Tech-  
nologies de l'Information muss deenen ein-  
zelne Verwaltungen hëllefen, de sou-  
genannte virtuelle Büroschalter „www.  
guichet.lu“, esou wéi en am DP-Wahlpro-  
gramm virgesinn ass,...

(Interruption)

...anzeféieren. De Verwaltungsoprawnd  
muss reduzéiert ginn.

Et geet awer an den Ae vun der DP net méi  
duer, dëst Zil einfach emol ze formuléieren,  
et muss ee sech konkret Reduktionsziler  
setzen. Esou hu schonn aner Länner et er-  
follegräich virgemaach. Verschieden admini-  
strativ Ofleef mussen duerch e bessert Ze-  
summeschaffen an eng besser Vernetzung  
tëschent den eenzele Ministère vereinfacht  
ginn. Déi administrativ Chargen, déi eng  
Belaaschtung a Milliounenhéicht fir eis Be-  
tribler duerstellen, mussen ofgebaut ginn.  
Bürokratiefobau geschitt an éischter Linn  
duerch d'Eliminatioun vun iwwerflëssegem  
Pabeierkrom, an zweeter Linn awer och  
duerch eng Vereinfachung vun der Proze-  
durs- a Verwaltungssprooch.

Mat deene Missiounen, déi de Centre mat  
dësem Gesetz kritt, fält him eng Schlëssel-  
roll zou fir dës Ziler ze erreechen. Et ass  
dann awer och um Centre fir ze innovéieren  
a fir esou zu enger besserer Qualitéit vum  
Service public bäizedroen.

Här President, déi fortschreitend Digitali-  
séierung vum Service public ass verbonne  
mat engem Zouhuele vun ëmmer méi Da-  
testréim, déi zu enger Multitude vu persou-  
nebezunnenen Donnéeë féiert. Dass  
d'Selbstbestëmmungsrecht vun deem Een-  
zele respektiv den Dateschutz a verschid-  
dene Fäll dobäi a Gefor geroden, ass leider  
oft deene mannste Leit bewosst. De Service  
public muss duerfir ëmmer och e Service  
sécurisé fir de Bierger sinn. De Begrëff Da-  
teschutz kennt am Prinzip jiddereen. Dass  
dorausser awer oft „Datenschutz“ gëtt,  
wësse mer leider och oft genuch.

Als eng liberal Partei leet d'DP grouss  
Wäert op d'informatesch Sécherheet vun  
dem Eenzelne sengen Donnéeën, dat sou-  
wuel um organisatoreschen Niveau wéi och  
um Niveau, wat fir eng Administratioun zu  
wéi enge Konditiounen Accès op wéi eng  
Donnéeën huet.

Et kann net sinn, dass ënnert dem Deck-  
mantel vun der administrativer Reform all  
staatlech Verwaltung op eemol op sämtlech  
Donnéeë kann zrëckgräifen.

»»» **Une voix.**- Très bien!

»»» **M. Fernand Etgen (DP).**- Och de  
Service public ass net ëmmer géint d'Ge-  
fore vun enger steigender Cyberkriminalitéit  
gefeit. Duerfir ass et wichtig, dass een den  
appropriéierte legale Kader huet, deem et  
engem erméiglecht, géint dës Zort vu Krimi-  
naliséit virzegoen.

Här President, mir brauchen e Service pu-  
blic, deem op d'Wënsch an d'Besoinë vun  
Bierger a vun den Entreprises ageet, en öf-  
fentlechen Déngscht, deem seng Aar-  
bechtsorganisatioun op den Administré  
ausgeriicht ass, dee séier a verständlech ka  
reagéieren an deem de Bierger an de Betri-  
ber e Maximum vu verständlechen Infor-  
mationen op eng einfach Manéier zougän-  
glech mécht.

Mir brauchen eng staatlech Verwaltung, déi  
Garant ass fir eng 100%eg informatesch  
Sécherheet. Duerfir brauche mir och e mo-



dëser Synergie sinn, mä virun allem och d'Kritäre vun Ekonomie, vu Produktivitéit an och vu Gestion des risques.

(Mme Lydie Err prend la Présidence)

Duerch dës Reform kënn et net nëmmen zu enger Neiverdeelung vun den Aufgabe vum Centre informatique de l'État a vun „eLëtzebuerg“, mä en plus sollen décisionnel an organisationell Structure geschafe ginn, déi capabel sinn dës Aufgabe méi effikass ze erfëllen.

Deen neie Centre des Technologies de l'Information de l'État soll eng ganz Rei vu vielfältege Missiounen erfëllen, déi dann och an den Artikelen 2 an 3 opgelëscht sinn. De Rapporteur ass schonn dorop agaangen, duerfir wëll ech dat elo net widerhuelen, mä ech wollt just déi a mengen Ae wichtegst awer nach emol ënnersträichen.

De CTIE garantéiert eng rationell a koordinéiert Organisatioun vun der Automatiséierung vun de staatlechen Administratiounen, an dat virun allem an de Beräicher vun der Kollekt, der Iwwerdroung an der Behandlung vun deenen Donnéeën. Dobäi ënnerstëtzt en déi staatlech Administratioun bei hirer dagdeeglecher informatescher Aarbecht, awer bitt hir och eng organisatoresch Ënnerstëtzung fir eege Projeten un.

En anere ganz wichtege Volet, an deem ass och schonn hei ernimmt ginn, ass d'Sécherheet vun den informateschen Donnéeën ze garantéieren an déi perséinlech Daten ze schützen.

Doriwwer eraus ass de CTIE och responsabel fir d'Produktioun an d'Personaliséierung vun administrativen Dokumenter an och fir d'Behandlung vun deenen dozou gehéierende biometreschen Donnéeën.

Dann huet deem neie Centre och d'Roll, sech ëm d'Aféierung an d'Ausschöpfung vu verschiddene Plattformen ze këmmere wéi souwuel den Austausch tëscht de Bierger an den Entreprisë wéi d'Zesummenaarbecht vun alle Leit, déi beim Stat schaffen, ze fuerderen an ze festegen.

Ervirzehiewen ass awer och, datt deem neie Centre keng Kompetenze méi am Beräich vun der Organisatioun vun der Automatiséierung an de Gemengen oder aneren Établissements publics huet. Dat ass vum Rapporteur och ënnerstrach ginn. An dat, dat ass och gesot ginn, soll hien awer net dorun hënnere, mat hinnen zesummenzeschaffen, wann dat sech als noutwendeg a sënnvoll erausstellt.

D'Gemenge kënnen haut praktesch alleguerte jo op de SIGI zrëckgräife fir hir Informatik ze géréieren, mä nach net all Gemenge si Member am SIGI, esou dass do eng bestëmmten Zesummenaarbecht och mat dem neie Centre soll a ka bestoe bleiwen.

Bon, wat elo d'Organisatioun vum CTIE ugeet, esou gesäit dee jo vir, dass deem dirigéiert gëtt vun engem Direkter an zwee Directeurs adjoints, an zwar - Jo! - soll et dann net, wéi de Statsrot et jo och gewënscht huet, zu engem Comité directeur kommen, dee keng effektiv Attributiounen hätt, an duerfir ass dee Paragraph jo och aus dem Projet de loi gestrach ginn. Dat mécht an där Logik dann och Sënn, an d'Kommissioun ass jo och duerfir dem Conseil d'État gefollegt.

De Centre ass dann och a verschidden Divisiounen a Servicer agedeelt, deenen hir Schafung an Aufgaben an engem Règlement grand-ducal nach festgehalde ginn. Ech begrësse besonnesch d'Andeelung an zwou verschidden Zellen: déi eng, déi sech ëm d'Sécherheet an den Audit këmmert, an déi aner, déi d'Planung regelt. Dës zwee Organer schénge mer wichteg ze sinn, fir eng kompetent an effikass Aarbecht kënnen ze erreechen.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren déi puer Wieder, déi ech zousätzlech zu deem Projet de loi wollt soen. Wéi scho gesot, gëtt d'LSAP dozou och hir Zoustëmmung.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» Mme la Présidente.- Merci, Här Schreiner. Den nächste Riedner ass den

Här Gibéryen. Dir hutt d'Wuert, Här Gibéryen.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Madame Presidentin. Ech ka mech vun eiser Säit aus kuerzfaassen, andeem ech dem Kolleeg Paul-Henri Meyers als Rapporteur Merci soen. Ech mengen, mer hunn dee Projet hei an der Kommissioun duerchdiskutéiert mat den zoustännege Leit vum Ministère a mir hunn do all déi Informatiounen kritt. An ech mengen, et ass alles an der Kommissioun och eestëmmeg decidéiert ginn, souwuel d'Amendementer wéi och de Rapport u sech.

Et ass dëst eiser Meenung no e wichtege Projet. Ech mengen, alleguer heibannen, wéi mer sinn, egal vu wat fir enge Säiten, hunn iwwer Joren ëmmer verlaangt, datt mer missten an dësem Domän weider am Stat investéieren, datt mer misste virukommen, datt mer de Stat missten och an dësem Domän fit maachen, fir ebe vis-à-vis vun der Gesellschaft, sief et vun de physische Persounen, sief et vis-à-vis vun den Entreprises, kënnen méi effikass a méi séier opzetrieden. Mat dësem Projet kréie mer elo e gesetzleche Kader, fir déi ganz Organisatioun ze maachen.

Et huet sécherlech laang gedauert. Ech wëll dorun erënneren, datt déi viregt Regierung schonn en eegene Statssekretär hat fir eng Réforme administrative ze maachen. An ech ka mech nach erënneren, datt mer zum Schluss vun der leschter Debatt virun de leschte Wahlen schonn esou eng Diskussioun hei hatten, an do hat den deemolege Statssekretär eis erkläert, datt mer et awer du fäerdeg bruecht hatten, an Europa vun där leschter op déi zweetlescht Plaz no vir ze réckelen,...

(Hilarité)

...wat déi Informatiounspolitik bei den eenzelne State géif bedeiten.

Et sinn an dëser Legislaturperiod eng Rei vu wesentleche Schrëtt elo gemaach ginn. Mir mussen an déi Richtung weiderfueren. An ech mengen, dat heite Gesetz gëtt eis de Kader, fir ebe beim Stat déi Strukturen opzebauen, déi mer mussen hunn.

Et ass sécherlech, datt déi ganz informatesch Investitiounen, déi mer beim Stat maachen, datt déi enorm Zomme verschlängen. An ech mengen, mer hu kierzlech och iwwert d'Informatisatioun vun eiser Douane diskutéiert, wat mer do vu Chiffere presentéiert kritt hunn, fir dat duerchzeien. A mer hunn och do gesot kritt, datt dat nach net déi lescht Etapp war, mä datt der nach hannendru kommen. Esou - mengen ech - ass et och eng vun de Missiounen vun dësem Centre des Technologies, fir eben déi Koordinationen eranzebréngen tëschent déi verschidde Verwaltungen, fir eben och kënne Systemer ze entwéckelen, déi eis Gelder kënnen emol spueren.

Mir wëssen alleguer, jiddereen, net nëmme beim Stat, mä och am Privatesecteur, an eisen Entreprises, datt, wann ee bis eng kéier de Fouss bis dragesat huet, an et kënn een haut net méi derlaanscht, fir en dranzesetzen, datt een dann och gären an eng gewëssen Ofhängegkeet kënn an da muss mat virulafen, esou wéi et ebe gewënscht gëtt, datt een eng gewësse Machtlosegkeet dann och vis-à-vis vun deem Ganzen huet, mä een awer trotzdem keen anere Choix huet.

Ech mengen, et ass alles vu menge Virriedner gesot ginn, wat zu dësem Projet ze soen ass. An ech kann duerfir vun eiser Säit aus nach just d'Zoustëmmung och bréngen.

» Mme la Présidente.- Merci, Här Gibéryen.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» Mme la Présidente.- Et ass elo um zoustännege Minister. De Minister Wiseler huet d'Wuert.

» M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.- Merci, Madame Presidentin. Ech wëll ufänken, andeem ech och dem Här Paul-Henri Meyers Merci soe fir säi Rapport. Dat war wéi üblech prezis an effikass, esou wéi e geschafft huet an esou wéi en hei geschwat huet.

Den Text, dee mer haut virleien hunn, deem technesch kléngt, mä deem awer wesentlech méi ass wéi Technik; dat Gesetz, wat mer haut hei virleien hunn an zur Ofstëmmung hunn, ass u sech den Aboutissement vun enger Aarbecht vun dräi, véier Joer, wat awer net eng Aarbecht un engem Gesetzestext war, mä wat eng Aarbecht war, fir beim Stat eng Rei Saachen en place ze setzen, déi de Gesetzestext méiglech gemaach hunn. Et ass also den Aboutissement vun enger Aarbecht op där enger Säit, an et ass

och d'Basis fir déi nächst Etapp vun der Aarbecht.

Dëse Projet, an dat wëll ech kloer soen, well den Här Etgen hei gesot huet, datt et komesch wär, datt dee Projet eréischt no véier, fënnef Joer géif kommen, dëse Projet wär viru véier, fënnef Joer net méiglech gewiescht, well viru véier, fënnef Joer de Service eLëtzebuerg, deem 2004 entstanen ass an deem als Missioun huet, den eGovernment an d'Lëtzebuerger Administratioun ëmzesetzen, net déi Aarbecht geleescht hat, déi en haut geleescht huet, net déi Strukturen hat, déi en haut huet. A wa mer et sengerzäit gemaach hätten, en ze integréieren an de Centre informatique de l'État, deem als Responsabilitéit huet, d'Technik an d'Informatik vum Stat ze maachen an ze ënnerhalen, deem och eng Traditioun vu 35 Joer huet, da wär dee Service do ënnergaangen. Dann hätte mer dat net esou hikkritt, wéi mer et haut hikkreien.

Mir hunn an deene leschte fënnef Joer enorm Effortë gemaach, fir op dee Punkt ze kommen, wou mer hei sinn. An ech wëll och nach eng kéier do kloer an dättlech soen, datt - den Här Gibéryen, deem huet virun e puer Minutte gesot, wou mer viru fënnef Joer ausgaange sinn - op wat mer viru fënnef Joer, op wat fir enger Plaz mer an der Informatisatioun vum Stat waren. An da loosse ech net gär hei soen, datt mer an deene leschte véier, fënnef Joer kee Wee gemaach hunn, Här Etgen, esou wéi Dir et elo gesot hutt. Mir hunn an deene véier, fënnef leschte Joren immens vill geschafft. Ech wëll net nach eng kéier erënneren, wou mer 2004 Joer do stoungen. Ech soen lech awer, wou mer haut do stinn, fir de Verglach ze maachen.

Mir sinn haut mat iwwer 90 Sitë vum Stat present mat deenen héchste Qualitéitsstandarden. Mir hunn hei eng ganz Rei Portailen, déi vum Stat disponibel sinn. Mir sinn an Europa, wann ech vun de Rankinge schwätzen, op där éischter Plaz, wat d'Utilisatioun vun de Formulären op staatleche Websiten ugeet. Mir sinn op der éischter Plaz, wat d'Accessibilitéit vu Websiten ugeet, esou wéi se vum Stat ugebuede sinn. Mir si weltwäit vun 192 Staten, déi gemooss gi sinn, säit 2005, wou mer op der 28. Plaz waren, op d'Plaz 14 virgestouss. Dat heescht op der Plaz 7 an der Europäescher Unioun.

Mir hunn also enorm vill Effortë gemaach. Mir hunn eis weltwäit, europawäit an deene leschte fënnef Joer gesteigert, a mir hunn do eis Positioun, wat och eng Positioun ass, déi fir eis Kompetitivitéit immens wichteg war, wäit no vir bruecht.

Mir hu Succès mat deem, wat mer op de Maart gesat hunn: 6.000 Visiten den Dag bei gouvernement.lu, 5.000 Visiten den Dag bei grousse Sitë wéi legilux.lu. A wann dann och, Här Etgen... Et deet mer leed, dass ech mech elo mat lech hunn, mä ech war e weineg nervös ginn, wéi ech dat gelauscht hunn, wat Dir do gesot hutt. Dir hutt eis hei opgefuerdert, nom DP-Wahlprogramm elo schonn de guichet.lu ze maachen, esou wéi en am DP-Wahlprogramm steet.

Ech wëll lech just soen, mä deem ass säit engem Mount do!

Gitt eng kéier kucken op guichet.lu, da gesitt Dir, datt mer do iwwer 230 Démarchë vum Stat beschriwwen hunn, datt mer iwwer 120 Démarchen online hunn, datt mer iwwer 40 Démarchen transactionnel iwwer LuxTrust kënnen ofwéckelen, déi ofgeséichert mam Stat lafen. Dat existéiert momentan. Dat fonctionnéiert momentan.

(Brouhaha général et interruptions)

» M. Charles Goerens (DP).- Eise Programm war virdrun do, Här Minister!

» M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.- Neen, mä ech wëll lech just soen,...

(Interruption)

...datt et haut nach eng kéier gesot ginn ass, datt mer et misste maachen, esou wéi et am Programm steet. An duerfir soen ech lech, datt et do ass. An ech si frou...

(Interruptions)

» M. Fernand Etgen (DP).- ...gesinn, wou säin Dossier dru wier. An dat ass haut nach net méiglech, Här Minister...

(Interruptions diverses)

» M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.- Dat ass och eng Funktionalitéit, déi virgeplangt ass an déi op verschiddene Saache wéi bei der Kannergeldkeess scho méiglech ass.

» Une voix.- Och dat misst méiglech sinn, Här Minister!

(Brouhaha général et interruptions)

» Mme la Présidente.- Den Här Minister Wiseler huet d'Wuert.

(Coups de cloche de la Présidence)

» M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.- Ech wëll lech just soen, datt mer net op der zweetleschter Plaz méi sinn, mä op der siwenter an Europa, datt de guichet.lu do ass, existéiert a vun de Bierger gebraucht gëtt. An ech wëll lech just soen: Déi 2.500 Leit, déi all Dag dorobber ginn - well mer hunn 2.500 Visité par jour -, déi wëssen dat an déi mierken dat all Dag, an dat ass dat Wesentlech.

» Mir hu LuxTrust fäerdegbruecht. Mir hunn eng elektronesch Ënnerschrëft, déi all Leit kënnen zur Disponibilitéit gesat kréien, a mir hunn haut eng ganz aner Situatioun vum eGovernment wéi mer dat viru fënnef Joer hatten.

» Mme la Présidente.- Ech bieden lech dem Minister nozelauschteren. De Kaméidi ass esou, dass een e knapps héiert.

(Interruptions)

Soss hiewe mer d'Sitzung e bëssen op!

» M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.- Neen, neen.

» Une voix.- Den Här Fayot provozéiert eis.

(Interruptions)

» Mme la Présidente.- Et ass nach ëmmer esou, dass een hei d'Wuert huet. An dat ass nach ëmmer de Minister de Moment.

(Interruptions)

» M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.- Mir hunn also déi zwee Servicer, déi sech ëm d'Informatik beim Stat bekëmmert hunn, zesummegeesat. Mir hunn hinnen och eng Rei nei Missiounen ginn, well mer mengen, datt déi Missiounen, esou wéi d'Informatik haut beim Stat fonctionnéiert, wesentlechst ginn.

De Centre informatique de l'État mam Service eLuxembourg gëtt ëmfonctionnéiert vun engem Support technique op där enger Säit an en Instrument, wat Prestation-deservicë bitt. Et kritt d'Méiglechkeet, fir eng Stucture d'échanges électroniques ze ginn zwëschent dem Bierger op där enger Säit an den Entreprises op där anerer Säit.

A fir déi, déi mer da soen, datt d'Administratioun elo net däreft nëmmen elektronesch gemaach ginn, wëll ech awer och soen, datt selbstverständlech och den Ausbau an d'Weiderféiere vun deene Guichet-physiquen, déi de Stat haut an der Stad Lëtzebuerg an zu Esch en collaboration mat deenen zwou Gemengen huet, selbstverständlech wäert bäibehale ginn, selbstverständlech wäert an der Offer ausgebaut ginn.

Mir hunn och eng ganz Rei Mise-en-placë gemaach vu collaborative Prozesser zwëschent deenen eenzelnen Administratiounen, wéi zum Beispill den Archivage électronique, oder d'GED, wou mer amgaang sinn drun ze schaffen, wou schonn e grousse Wee gemaach ginn ass.

Et ass och wesentlech, datt de Centre des Technologies de l'Information de l'État nei Technologiën, wéi d'Produktioun an d'Personalisatioun vun administrativ sécuriséierten Dokumenter an haaptsächlech den Traitement vu biometreschen Donnéeën als Missioun offiziell ageschriwwé gëtt. Et ass wichteg, datt mer dofir d'Base légale hu fir Saachen, déi an Zukunft à partir vu Juni fir d'Päss och eng Noutwendegkeet ginn.

Et ass och evident, datt déi Protektioun vun den Donnéeën, esou wéi se virdu vum Här Etgen virgeschloe ginn ass, och hiren Nidderschlag an d'Gesetz kritt. Ech wëll einfach dat zitieren, wat hei gefrot ginn ass, datt den Artikel 2e) dat kloer an dättlech seet: «La sécurité de l'informatique et le respect des dispositions de la loi relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel, dans les limites de ses attributions.»

Et steet hei am Gesetz eng Demande, déi also duerch dësen Text de toute façon schonn erfëllt gëtt; an da selbstverständlech och dat, wat de Centre informatique de l'État bis haut net war. Dat heescht eng Administratioun, wou aner Administratiounen kënnen dovunner profitieren, wa se informatesch Operationen bei sech implantéieren, fir dann och déi Reorganisatioun virzehuelen. Et weess jiddwereen, datt d'Implantatioun vun der Informatik net alles ass, mä



datt d'Organisatioun an d'Reorganisatioun vun der Administratioun och muss kënnen geschéien, fir datt d'Informatik och effikass kann duerno benotzt ginn.

Mir kréien also heimat ganz sécher e groussen Zougewënn u Produktivitéit, sécherlech e groussen Zougewënn u Kompetitivitéit, och fir d'Entreprises, e Gain vu Performance, eng besser Konformitéit zu den Direktiven, déi iwwert de Wee vum Centre Informatique ganz oft an d'Realitéit ëmgesat ginn. Dofir ass dësen Text e wichtege Text, deen eis e gutt Stéck weiderhëlleft. Ech soen all deene Fraktiounen, déi e stëmmen - dat heescht an anere Wieder, hinnen alleguer -, villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **Mme la Présidente**.- Merci, Här Minister. Domat kéime mer zum Vote.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Mir hu 60 Jo-Stëmmen, also keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par Mme Martine Stein-Mergen), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Raymond Weydert), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spaut (par M. Roland Schreiner);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer zum nächste Punkt, de Projet N°5927 iwwert de Centre Hospitalier du Nord. De Rapporteur, den honorabelen Här Schneider, huet d'Wuert.

## 11. 5927 - Projet de loi portant création de l'établissement public «Centre Hospitalier du Nord»

**Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale**

» **M. Romain Schneider** (*LSAP*), *rapporteur*.- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5927 iwwert d'Kreatioun vum Centre Hospitalier du Nord ass selbstverständlech - an dat verstitt Der - e ganz Spezielle fir mech an och fir den Norden a seng Bevölkerung am Ganzen.

De Centre Hospitalier du Nord ass d'Fusioun zwëschent der Ettelbrécker Klinik Saint-Louis an der Wolzer Klinik Saint-Joseph. Dat bedeit engersäits e wichtegt Standbeen an der Spidollandschaft, wou d'Carte hospitalière elo zougeet, an op där anerer Säit eng optimal Gesondheetsversuergung fir de Bierger am Norde vum Land.

Erlaabt mer dëse klenge Rapport an zwee Deeler ze splécken. Den éischten, de reng techneschen, den inhaltleche Rapport, deen Der och konnt liesen op 16 Säiten, an op där anerer Säit meng perséinlech Iwwerleeungen a Remarquen zu dësem Projet de loi.

Dëse Projet de loi gouf déposéiert de 6. Oktober 2008 vun eisem Gesondheetsminister, dem Mars Di Bartolomeo. Den 9. Oktober

2008 huet déi zoustänneg Chamberskommissioun mech als Rapporteur bestëmmt. Mir hunn an der Kommissioun an zwou Sitzungen de Projet de loi duerchgekuckt, déi eenzel Avice gekuckt. Mir hunn de Rapport unanime den 19. Mäerz 2009 an dëser Kommissioun gestëmmt.

Wat ass elo den Objet vun dësem Projet de loi? Et ass engersäits d'Areihung an d'Planificatioun vum Paysage hospitalier, an op där anerer Säit ass et d'Fortféierung vun der Politik vu Synergien a Fusiounen am ganze Land; dat engersäits am Zentrum, am Süden an och elo am Norde vun eisem Land.

D'Fusioun zwëschent Ettelbréck a Wolz eriwwer an de Centre Hospitalier du Nord gëtt de Bierger aus dem Norde vum Land en neie Réseau de couverture, dee méi komplett a méi performant ass, wat d'Services de soins betrëfft. Et heescht och den Ufank vun enger Adaptatioun a Modernisatioun vun den Infrastrukturen, an hei virun allem op dem Site Wolz, déi elo nach mussen a wäerte gemaach ginn.

Ech géif kuerz eng Kéier op den Historique vun deenen zwee Spideeler zrëckkommen, déi haut de Mëtteg am Projet de loi wäerte fusionéieren.

Op där enger Säit d'Ettelbrécker Klinik, déi 1936 kreéiert gouf, d'Klinik Saint-Louis. An den eenzelnen Etappen: 1948 - Hospice civil, an 1963 eng nei Struktur eriwwer bis hin zu 2003. Mäi Kolleeg, de Buergermeeschter vun Ettelbréck, Jean-Paul Schaaf wäert mat Sécherheet nach agoen op de Bau an d'Modernisatioun vun där neier moderner Klinik vun Ettelbréck, déi och haut als eng vun deene modernsten an enge vun deene flottsten an eiser Kliniklandschaft do steet. De Moment huet dëst Spidol 260 Better, 15 Better de Rééducation gériatrique, derniewent 754 Collaborateurs mat iwwer 80 agréierten Dokteren.

Op där anerer Säit hu mer d'Spidol vu Wolz, d'Klinik Saint-Joseph, dat 1937 inauguréiert gouf, 1977 moderniséiert an ausgebaut gouf, a virun allem an den 90er Jore wirklech e flotten Ausbau kritt huet, deen och an d'Zukunft kuckt. Mir wäerten och fir eng Modernisatioun an en Ausbau fir dëse Site um bestehende Site schwätzen an en och realiséieren. Dës Klinik huet 82 Better, 220 Collaborateurs an 23 agréiert Dokteren.

D'Iddi vum Zesummeschaffe vun dësen zwou Kliniken ass schonn an den 80er Jore gefouert ginn a gouf virun allem 1996 méi konkret duerch eng Convention de collaboration hospitalière. Ënnert dem Impuls vum Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo an deenen zwee Verwaltungsréit, awer och op där anerer Säit de Gemengen, vertrueden duerch hir Schänneréit, gouf den 21. Mee 2007 eng Lettre d'intention en vue d'une fusion ënnerschriwwen. Dëst war d'Basis fir och wirklech a grouesse Schrëtt bei dëser Fusioun virunzekommen.

No der Fusioun besteet de Centre Hospitalier du Nord aus 342 Better a 15 Better de Rééducation gériatrique. Better, déi also och gebraucht ginn am Norde vun eisem Land, an där ganzer hospitalärer Landschaft. E besteet awer och aus iwwer 1.000 Collaborateurs an iwwer 100 agréierten Dokteren.

De Statut vun dësem Centre Hospitalier du Nord ass e Centre hospitalier régional. E soll op där enger Säit d'Médecine de proximité garantéieren, dat virun allem am Norde weinst de geographeschen an den topographesche Begebenheeten, an op där anerer Säit méi eng pousséiert Spezialisatioun op béide Siten assuréieren.

D'Gemengen Ettelbréck a Wolz, déi bis elo Träger ware vum Hospice civil, wäerten a Zukunft och an de Fonctionnement vum Centre Hospitalier du Nord agebonne sinn. Dat duerch eng Vertriedung - an eng relativ staark Vertriedung - an deem neie Conseil d'administration, dem neie Verwaltungsrot vum CHN.

A wa mer wëssen, datt d'Bevölkerung vum Norde vum Land - dat heescht, vun der Région hospitalière du Nord - de Moment nach eng Steigerung vun iwwer 2% all Joer huet, an also bis d'Joer 2014 wäert 86.500 Habitanten zielen, wäert een an den Taux de couverture de Moment gerechent véier Better op 1.000 Leit hunn. Esou gesi mer, datt déi ablécklech 342 Better séier wäerte bei 346 den absolute Maximum erreecht hunn, an datt elo schonn an d'Zukunft muss geduecht ginn, fir neien Handlungsbedarf ze kreéieren.

Wat zu dësem Projet, wat mer och an der Kommissioun diskutéiert hunn, déi eenzel Avice vun deenen eenzelnen Organisme waren an derniewent och vum Conseil d'État:

- engersäits den Avis vum Collège médical, deen e favorabel gesinn huet an op e rich-

tegen a wichtege Organigramm virun allem op deenen zwee Sitë gepocht huet, wourunner och de Moment nach ganz aktiv geschafft gëtt;

- op där anerer Säit d'Commisson permanente vum Secteur hospitalier, déi och dës Fusioun approuvéiert huet a wou just d'Beermierkung war, datt de Stat relativ schlecht vertruede wär an deem neie CA. Eng Beermierkung, déi allerdéngs vum Statsrot widerluecht gouf, déi eigentlech de contraire gesot hunn an un déi sech och d'Commissioun gehalen huet;

- de Statsrot, dee virun allem op technesch Detailer agaangen ass, wat engersäits d'Siten ubetrëfft, wou en drop gehalen huet, datt keng nei Siten däerfte kreéiert ginn;

- op där anerer Säit huet en zwou Opposition-formellen erabruecht a sengem Avis: deen ee war d'Exclusion supplémentaire vun de Fonctionnairë vun der CNS, dat niewent der Exklusioun vun deene vun der Sécurité sociale; an op där anerer Säit d'Possibilitéit vun der Révocation vun engem Member vum Verwaltungsrot.

Dës Proposition de texte, déi de Conseil d'État am Kader vu sengem Avis gemaach huet, huet d'Kommissioun och esou ugehall an doduerch also de Remarquë vum Statsrot Rechnung gedroen.

Zum Schluss vun eisen Diskussiounen hu mer nach e Brëif vun der Stad Ettelbréck zougestallt kritt, dee mer och an der Commissioun an och zesumme mam Minister a senge Mataarbechter diskutéiert hunn, dee virun allem engersäits beim Punkt A ëm d'Kadasternummer gOUNg, wou eng Rei Kadasternummere sollten an eng Kadasternummer regroupéiert ginn; an zweetens, d'Affektatioun vum Terrain vum alen Hôpital Saint-Louis. Hei hu mer verwisen, datt dës Problematik soll geléist ginn am Gesetz iwwer soit engersäits de Bau vum Lycée des professions de la santé, oder op där anerer Säit am Kader vun der Konvention, déi jo och an dësem Projet de loi virgesinn ass.

**(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)**

Ech géif dann eng Kéier kuerz duerch déi Articlele goen, fir ze soe wéi dann elo am Einzelnen de Centre Hospitalier du Nord fonctionnéiert.

Fir d'éischt dann, deen éischten Artikel ass d'Forme juridique. D'Missioun si festgeluecht, awer och de Site vun deem neien CHN, an och d'Forme juridique, wéi gesot, den Établissement public, deen also hei entsteet.

An deenen nächsten Artikelen ass festgeluecht: de Conseil d'Adminstration, wéi seng Zuel ass, wéi en zesummegeesat ass, aus wat fir enge Verrieder. Ech hu jo scho gesot, datt d'Gemege relativ staark vertruede sinn an dësem neien CA. Derniewent ass awer och gewise wéi d'Iwwergangsfelder, déi sougenannte Phase transitoire, solle beim Verwaltungsrot fonctionnéieren. Et sinn awer och ganz kloer d'Aktiounsfelder vum CA definéiert; seng Missiounen, seng Aufgaben an Zukunft.

D'Direktioun vun dësem Établissement gëtt engem Directeur général uvertraut. Dat wäert wahrscheinlech de Professor Dokter Schubert ginn, deen also dësen neien CHN wäert leeden. Seng Assistance wäert op deenen zwee Sitë fonctionnéieren. D'Kreatioun vun engem Conseil de direction gëtt och a Form gesat. D'Wirkungsfelder dovunner ginn an dësem Projet de loi och genau definéiert, genausou gutt wéi och d'Situation financière bestëmmt gëtt, virun allem och de Startschoss derzou, mä och duerno déi finanziell Ofsécherung vum CHN.

Wat d'Personal betrëfft, ee Punkt, dee virun allem ganz wichteg ass, op dee souwuel vum Verwaltungsrot wéi och säitens de Gemenge gepocht gouf: Ginn integral d'Rechter behalen, fir vun de Kliniken an deen neie Centre Hospitalier du Nord eranzewiesselen oder eranzegoen - wann een et esou wëllt ausdrécken.

D'Hospices civils, déi de Moment bestinn, vun Ettelbréck a vu Wolz, wäerte mam Akraafttriede vum Gesetz dissous sinn, also opgeléist sinn, bis d'Clôturë vun deenen eenzelnen Exercicë gemaach sinn. Wou nach eng Rei Exercicen opstinn, wäerte se viru bestoen. Duerno wäert dann och gekuckt gi wou déi eenzel Solden, déi do sinn, hi wäerte goen, engersäits an déi eng Struktur eran an anersersäits zrëck an d'Gemengen, déi jo bis elo de Gérant, de Patron souzoe vun den Hospice-civile waren.

Wat d'Terrainë betrëfft, ass kloer geregelt, datt dës Terrainen all wäerten zrëckgoen an de Besëtz vun de Gemengen, déi si duerno erëm iwwer ee Bail emphytéotique fir 99 Joer wäerte weiderginn un de CHN.

Dëst Gesetz wäert a Kraaft trieden den 1. Januar nom Vote vun dësem Projet de loi

respektiv no der Publikatioun am Mémorial. Wat also heescht: Den 1. Januar 2010 wäert dëse CHN dann effektiv a Kraaft trieden, wat dem Gesetz no esou virgesinn ass.

De Moment ass een och schonn amgaang déi eenzel Preparatiounen vun der Mise en œuvre ze maachen. An och d'Modalitéiten dervu si kloer festgeluecht, wéi de Budget opgestallt gëtt. De Budget vun 2010 ass och kloer. D'Instrumenter an d'Weeër si festgeluecht, wéi dëse Budget zesumme wäert opgestallt ginn, fir dann och 2010 direkt mat richtigem Élan unzefänken.

Bis dem 1. Januar 2014 ass och festgehal: Am Projet de loi wäert de Conseil d'Administration erweidert sinn duerch zwee Membere vum Conseil médical op där enger Säit, an zwee Verrieder vun de Personaldelegatiounen.

Dat zum techneschen an zum inhaltleche Volet vun dësem Projet de loi. Erlaabt mer dann nach puer perséinlech Remarquen zu dësem Projet de loi ze maachen.

Dëse Projet de loi, dee mer haut de Mëtteg, wann ech de Rapport an och d'Stëmmung an der Kommissioun gesinn hunn, unanime ugehall hunn an dann och hoffentlech wäerten unanime stëmmen, ass e laange Prozess, dee gefouert gouf, wou zeg Joren an d'Land gaange sinn a wou effektiv eng ganz Rei vu Leit - an ech war selwer där och een - heiansdo verzweiwelt sinn an een heiansdo gemengt huet dëse Prozess géing net virugoen.

Et huet ee ganz dacks wierklech schwéier Bengelen am Wee fonnt. Et gouf vill Polemik op ville Säite gemaach. Dacks huet ee wierklech gemengt dëse Projet wär gestuerwe gewiescht, an effektiv, d'Kar wär am Dreck stieche bliwwen. Merci un all déi Leit a Gremien, déi all déi Joren - an et ware ganz vill Joren, déi hei hanner eis leien - Asaz gewisen hunn an déi ëmmer un dëse Projet gegleeft hunn, un dës Fusioun zwëschent de Klinike vun Ettelbréck a Wolz.

An éischter Linn sinn dat sécher d'Verwaltungsréit vun deenen zwee, souwuel Ettelbréck a Wolz, mat un der Spëtz hire Presidenten dem Marc Mohr an dem John Shinn, déi eng formidabel Aufgab an hire Gremien zesumme mat de Memberen aus de Verwaltungsréit geleescht hunn. Derniewent sinn et awer och d'Schäffen- a Gemengeréit vun deenen zwou Gemengen. Hei géif ech virun allem hiweisen op déi exzellent Kollaboratioun mat mengem Kolleeg Deputéierte Jean-Paul Schaaf a sengem Schännerot vun Ettelbréck, wou mer eng ganz konstruktiv an no vir kuckend zukunftsorientéiert Zesummenaarbecht realiséiert hunn.

Op där anerer Säit och e grouse Merci un déi konstruktiv Zesummenaarbecht vun den Dokteren, vun de Medeziner op där enger Säit, fir d'Ausschaffe vum Concept médical, awer och déi praktesch Klärung vun de Froen, de Verwaltungen an all de Membere, déi an dëse Verwaltunge schaffen, all dem Personal, déi dës Fusioun zënter Jore minutiéis plangen an och de Moment amgaang si lescht Detailer ze maachen an an der Praxis scho gréisstendeels ëmgesat hunn; dem Personal an de Personaldelegatiounen fir hir positiv Ënnerstëtzung beim Émsaz vun dësem Projet a virun allem fir hir grouss Dialogbereetschaft an dësem Projet de loi; de Ministère, an hei virun allem dem Ministère de la Santé, a speziell hei dem Fränk Gansen an dem Mike Schwebag, déi fir dëse Projet zoustänneg waren, an op där anerer Säit awer säitens de Gemengen dem Ministère de l'Intérieur, der Madame Christiane Loutsch, dem Här Marc Leonhard an dem Jean-Lou Hildgen; a virun allem awer zwee, ouni déi dës Fusioun ni hätt kënnen realiséiert ginn. Et ass op där enger Säit den Engagement, d'Konzept an d'Planung vum Professor Dokter Schubert, an op där anerer Säit de perséinlechen Engagement vun eisem Gesondheetsminister, dem Mars Di Bartolomeo.

» **Plusieurs voix**.- Ooohhh! Aaaahh!

» **M. Carlo Wagner** (*DP*).- Här Schneider, si Wahlen?

**(Interruptions)**

» **M. le Président**.- Här Minister, loosst Äre Kolleeg Rapporteur hei seng Ausféierungen a Rou maachen.